Jongbaueren- a Jongwënzerdag 2010

Ëmmer nees nei Contrainten

Agrarpolitesch Stellungnahm vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer
virgedroe vum Paul Kail

De Präsidium vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer:
(v.l.n.r.) Pol Kail, Laurent Frantz, Christian Hahn, Jeff Boonen, Charel Schiltz, Claude Loutsch

Léif Éiregäscht,

Dir Dammen an dir Hären,

D'*Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer* wëlle bekanntlech haut den Owend hei ***déi zukünfteg Erausfuerderungen vun deene Jonken aus eisem Beruffsstand*** thematiséieren. D'Erausfuerderunge virun deenen e jonke Bauer am Joer 2010 steet, sinn äis all gréisstendeels bekannt:

- d'Instabilitéit vun de Mäert vun eise Produkter, déi riseg Präisschwankungen mat sech bréngen,
- eng nei Wäichestellung vun der Gemeinsamer Agrarpolitik nom Joer 2013
- an déi ëmmer méi héich Usprech, déi d'Gesellschaft un eise Beruffsstand stellt.

Um Weltniveau sinn et

- d'Ernährung vun der Weltbevëlkerung, déi un d'Siwe-Milliarden erukënnt,
- de Kampf géint de Klimawandel
- an d'Erhale vun de natierleche Ressourcen,

déi fir äis all zur deeglecher Aufgab ginn.

Déi Jonk an d'Iwwerleeungen zur neier GAP abezéien

Zu Bréissel fänken d'Verhandlunge fir d'GAP nom Joer 2013 un. Mir fuerderen, datt bei den Iwwerleeunge beduecht gëtt, datt nëmme siwe Prozent vun den aktive Baueren, manner ewéi 35 Joer al sinn. D'Jugend an d'Erneierung vun de Generatioune muss deemno an de Mëttelpunkt vun der Politik gesat ginn. Jonker, déi um Ufank vun hirer Carrière stinn, brauche Planungssécherheet fir laangfristeg Entscheedungen an de Betriber unzegoen.

Eng staark Agrarpolitik, brauch och e staarke Budget. D'Gesellschaft kann net op d'Liewensmëttelproduktioun an den Ënnerhalt vum ländleche Raum verzichten. Bedéngt duerch e speziellen ekonomesche Charakter, brauche mir déi direkt Bäihëllefe fir d'Leeschtungen, déi net mat eise Produkter gedeckt kënne ginn. Dëst och fir eis Produktiounskäschten auszegläichen, déi méi héich sinn, wéi déi um Weltmaart. Mir Jongbaueren maachen äis awer Suergen, well ëmmer méi Primen an d'Täsche vun de „Sofa-Melker" oder de „Sofa-Primmenempfänger" fléissen. D'Politik muss duerfir suergen, datt d'Suen am Sektor bleiwen, fir déi jonk aktiv Baueren ze ënnerstëtzen!

Positiv Entwécklung a Punkto Weiderbildung

Jonk Baueren, déi sech deenen ëmmer méi groussen Erausfuerderunge stellen, brauchen eng gutt Aus- an eng liewenslaang Weiderbildung. Ausdrécklech beluewe mir d'Ëmsetzung vun de Weiderbildungscouren, déi am Kader vun der Betribsiwwernahm organiséiert ginn. Déi Couren sinn, eiser Meenung no, e Schrëtt um Wee zur Meeschterprüfung!

No e puer Joer Beruffserfahrung hëllefen dës Couren engem Jonken, fir de Management vu sengem Betrib ze verbesseren. D'Weiderbildungsoffer fir d'Akteuren an der Lëtzebuerger Landwirtschaft muss awer nach weider ausgebaut ginn. Hei gëtt et nach villes nozehuelen. D'Palette vun deem, wat a Punkto Formatioun ugebuede misst ginn, huet sech an deene leschte Joer geännert. Haut sichen d'Betriber eng Formatioun am Beräich vum Management an der Personal-Féierung. D'Demande no gudde Couren ass do – d'Offer awer vill ze kleng!

Eng effizient Landwirtschaft iwwer de Wee vun der Berodung an der Forschung

De landwirtschaftleche Manager brauch awer och eng gutt Berodung. Hie kann net méi an all Beräich Bescheed wëssen an ass op Beroder ugewise, wann et drëm geet, fir Decisiounen ze huelen. Et feelt äis awer eng gutt Investitiouns- a Planungsberodung, déi - an Zesummenaarbecht mam Betrib an op der Plaz - Iddien ausschafft, fir dem Betrib eng nohaltig Ausriichtung ze proposéieren. Dëse Beroder soll dat politescht Ëmfeld genau kennen an deem sech d'Betriber erëmschloe mussen.

Mat därselwechter Iddi dierf eis Landwirtschaftspolitik net zecken, fir an eng applizéiert Recherche an a landwirtschaftlech Projeten ze investéieren, déi Wësse vermëttelen a verbreeden. Op laang Dauer ass dat dee beschte Wee, fir eis Landwirtschaft effizient an och konkurrenzfäeg ze maachen. Mir begréissen dofir déi finanziell Méiglechkeeten, déi d'*Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer* iwwer laang Joer vun den zoustännegen Instanzen zur Verfügung gestallt kruten, fir e Beroder ze finanzéieren. Et läit äis aus deenen uewe genannte Grënn um Häerz, datt weiderhin an déi Richtung geschafft gëtt!

Ouni onnéideg Oplagen zesummen eng nohalteg Landwirtschaft opbauen

De Verband vun de *Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer* huet déi lescht 20 Joer gewissen, datt hien sech fir den Ëmweltschutz asetz a säint dozou bäidréit, fir déi nohalteg Landwirtschaft virun ze bréngen. Mir bedaueren et dofir, datt am Kader vun der Landwirtschafts- an Ëmweltpolitik regelméisseg nees iergendwellech nei Oplagen aus dem Näischt optauchen an äis dann an eiser Zukunftsplanung bremsen oder esouguer finanziell schiedegen. E jonke Bauer hëlt am Ufank vu senger Berufscarrière - am Moment, wou hien de Betrib iwwerhëlt - eng ganz Rei Decisiounen, fir d'Orientatioun vu sengem Betrib festzeleeën. Hien ass dann oft während 10 - 20 Joer gebonnen, fir deen ageschloene Wee anzehalen, dëst och aus finanzielle Grënn. Do kann et net sinn, datt iergendwellech nei a pauschal Oplagen dëse Wee a Gefor bréngen an de Revenu op d'Spill setzen.

Hei e Beispill: An engem ministerielle Beschloss vum 31. Mäerz vun dësem Joer steet, datt e Biogasbetrib net méi, ewéi 50% vu senger Ackerfläch mat därselwechter Kultur aséien dierf, wann hie vun den Investitiounsbäihëllefen profitéieren wëllt. Dëst stellt eng staark Aschränkung fir Mëllechvéi-, respektiv fir Fleschvéibetriber mat Biogasbedreiwung duer. Dës Betriber sinn haut esou spezialiséiert, datt si vun der Gréngland- a Maisproduktioun ofhängeg sinn. Doraus entsteet oft eng Flächenopdeelung mat méi ewéi 50% Mais. D'Bedreiwer sinn net drop virbereet ginn, sou datt si de Management kuerzfristig upasse mussen.

Deemno stelle mir äis d'Fro, aus wat fir engen Argumenter eraus esou eng Oplag zustane komm ass? Wier et net ubruecht, datt sech déi zoustänneg Verwaltungen op déi reell Nohaltigkeetsindikatoren - ewéi Humus- an Nährstoffbilanzen - vun dëse Betriber géife baséieren, éiert entscheet gëtt, wat ëmweltschiedlech, respektiv nohalteg anzestufen ass. Kënnten deemno net – an Zesummenaarbecht mat de Betriber - Léisungen ausgeschafft ginn, amplaz d'Betriber mat deenen Oplagen ze iwerraschen an ze schiedegen.

Mir maachen äis och Suergen ëm d'Naturschutzzonen déi am Moment definéiert ginn. Wat fir eng Oplagen erwaarden äis an noer Zukunft a verbauen äis nees eng ganz Rei Decisiounen an Handlungsfräiheeten?

An enger Informatiounsbroschür vun der Landwirtschaftskammer krute mir matgedeelt, datt hei zu Lëtzebuerg verschidde Punkten an der Nitrat-Direktive nei definéiert a méi streng ëmgesat musse ginn. Mir fuerderen hei ganz bestëmmt, datt eis Politik no vir kuckt, a vun där Redefinitioun profitéiert, fir dat Bescht am Sënn vun der Nohaltegkeet erauszehuelen. Mir denken heibäi ganz konkret un déi 170 kg-Limite un organeschem Stéckstoff, déi mir ausbréngen dierfen. Eng méi héich ugesate Limite, géif et ville Lëtzebuerger Betriber erlaben, fir manner mineraleschen Dünger anzesetzen an esou méi nohalteg ze schaffen.

Am Resumé wëlle mir drop hiweisen, datt jonk Baueren net duerch pauschal Ëmweltschutzmoossnamen beim Opbau an der Entwécklung vun hirem Betrib gebremst solle ginn. Mir wëllen eng Politik, déi méi individuell an op Basis vu gezielten Indikatoren jugéiert, fir déi Leit ze belounen déi nohalteg an am Sënn vum Ëmweltschutz schaffen. D'EU-Agrar-Ëmweltmossname sinn e Beispill fir esou e System. En effiziente jonken Agrar-Entrepreneur soll fir seng gutt Leeschtunge belount ginn an net pauschal behandelt, respektiv bestrooft ginn.

Kloer Linnen a Punkto Bauprojeten a Wasserpräis

E weidere Punkt, wou mir hei am Land säit Joren eng kloer Linn vermëssen, ass dee vun de Genehmegungsprozedure fir d'Bauprojeten. Hei gëtt vill ze vill vun de Büroen aus jugéiert, an dat vu Leit, déi keng Ahnung vun der Praxis hunn. Et freet een sech, wien schlussendlech de Betribsoflaf geréiere muss. Wéi soll mat all deene Bauformen, déi mir virgeschriwwe kréien, d'Funktionalitéit garantéiert bleiwen. Wat bréngt et, datt mir Studiereesen am Ausland organiséieren, fir käschtegënschteg a funktionell Ëmsetzunge kucken ze goen, déi mir souwisou ni zu Lëtzebuerg accordéiert kréien. Och all d'Oplagen duerch déi nei Wasserrahmenrichtlinn brénge just méi Käschte beim Baue mat sech, sou datt een sech d'Fro muss stellen, wien se iwwerhëlt?

Mir kréie säit Jore vun der Politik een un d'Landwirtschaft ausgeriichte Waasserpräis versprach. Vläicht ass jo mëttlerweil eng Decisioun geholl ginn, jiddefalls kann et net sinn, datt d'Produzente vun Äre Liewensmëttel gezwonge ginn, fir tëscht 2,50 an 9,00 EURO fir de Kubikmeter Waasser ze bezuelen. Vläicht gi mir eisem Véi geschwënn séng eege Mëllech ze saufen!!!

Ëmmer méi finanziell Belaaschtunge fir d'Betriber

An deene leschte Méint gouf zu Lëtzebuerg vill iwwert d'Wirtschaftskris, den Index an de Modell Lëtzebuerg debattéiert. Leider ass et mat all deenen Diskussiounen am Géigenzoch ganz roueg ëm d'Kris an der Landwirtschaft ginn. Fir d'Landwirtschaft stellen sech zu Lëtzebuerg ganz aner Problemer. Ëmmer méi grouss Betriber musse méi auswäerteg Aarbechtskräften astellen – an auswäerteg Aarbechtskräfte sinn deier. Wéi kënnen eis Betriber dat droen?

D'Fro stellt sech, firwat datt mir iwwerhaapt en Index hunn? Dat ass fir vill Leit wuel net kloer! Fir déi, déi et deemno nach net verstan hunn: Den Index ass fir Präisdeirecht vun de Produkter am Wuerekuerf, wéi beispillsweis d'Brout oder de Sprit, opzefänken. Déi Mesure ass awer net do, fir d'Grossverdiener nach méi ze beräicheren!

Mir stellen och fest, datt d'Präisdeirecht nëmmen op der Ausgabensäit vun de Baueren ukomm ass. Mir liewen an engem Héichlounland a bei all Indextranche ginn d'Lounkäschten nach méi an d'Luucht, gläichzäiteg ginn d'Präisser vun eise Produkter awer erof!

Den Encadrement vun de Betriber weiderhi garantéieren

Fir ofzeschléissen, wëlle mir nach eemol en Appell un déi zoustänneg Instanze riichten, fir datt si e stabile Kader schafen, un dee sech e jonke Betribsmanager laangfristeg orientéiere kann – an dëst ouni dobäi säi Revenu op d'Spill ze setzen. Eis Politik soll zukunftsorientéiert denken, an den Aktiounsradius vun eise Betriber net duerch national Oplagen aschränken. Si dierfen net dru gehënnert ginn, fir innerhalb vun Europa wettbewerbsfähig ze sinn.

Lëtzebuerg soll sech net verstoppen, mä soll de jonke Baueren Weeër opweisen, wéi an deene nächsten 30 Joer produzéiert soll ginn. Innerhalb vun dëser Strategie si ganz kloer Strukturen néideg, fir eng konstant Wëssensvermëttlung, déi d'Betriber um héchsten Niveau vum Wëssen ze halen.

Jonk Baueren, déi innovativ an nohalteg schaffen, solle besser belount ginn, wéi all déi, déi sech net un déi nei Erausfuerderungen upassen. Esou eng Politik géif eisen Entrepreneursgeescht ganz sëcher förderen, an dovu géif déi ganz Lëtzebuerger Landwirtschaft op laang Siicht profitéieren.

Am Numm vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer soen ech Iech Merci!